CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
25 NOV. 2019
1530

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
Lëtzebuerg, den 25. November 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Bildungsminister weider ze leeden.

Säit Joren leeschten d'Enseignantë an eise Lycéeë eng grouss Zuel vun Iwwerstonnen well en ëmmer méi akuten Enseignantsmangel besteet. Déi Situatioun ass säit laangem bekannt. Déi geleeschten Iwwerstonnen ginn par Rapport zu enger „normaler " Schoulstonn ouni Koeffizient berechent.

Op Grond vun dësen Informatiounen well ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Wéi vill Enseignant' en maachen Iwwerstonnen?
- Wéi vill Iwwerstonnen ginn an den eenzelen Fachberäicher gehale?
- Wéi vill Iwwerstonnen ginn allgemeng gehale?
- Laut engem rezenten Artikel an der Press (Luxemburger Wort, 23.11.2019, *Iwwerstonnen am Secondaire*), sollt de Problem vun der Diskrepanz am Bezuelen vun den Iwwerstonnen an de Koalitiounsverhandlungen ugepaakt gin. Wéieng Konklusiounen sin hei gezun ging? Wéi eng Upassungen envisagéiert den Minister wuelwëssend datt mir am Enseignement op Iwwerstonnen ugewisen sinn?

Mat déiwem Respekt,

Martine Hansen
Deputeierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 21 janvier 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 JAN. 2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

**Concerne: question parlementaire n° 1530 de Madame la Députée Martine Hansen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Députée Martine Hansen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1530 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

D'Iwwerstonnen am Enseignement secondaire si säit Joerzéngte "system-inherent".

Déi regulär Tâche vum Professer ass op 22 Leçone fixéiert; si setzt sech zesummen aus 21 Unterrechtsstonnen an enger sougenannter "Leçon de disponibilité". Eleng duerch den Effet vun de Koeffizienten, déi op d'Unterrechtsstonnen applizéiert ginn, awer och duerch d'Altersdechargen, entsti quasi automatesch Iwwerstonnen.

Vill vun deenen Iwwerstonne si sougenannten "technesch Iwwerstonnen"; bei der Verdeelung vun de Klasse weist sech, datt et net ëmmer méiglech ass, op e Volume vu genee 22 Leçonen ze kommen.

Et kann och virkommen, datt en Direkter en zousätzlechen Enseignant an enger Spezialitéit net komplett beschäftegt kritt, an d'Unterrechtsstonnen dofir op déi Enseignantë verdeelt, déi zur Verfügung stinn.

Am Enseignement secondaire goufen am Schouljoer 2018/2019 insgesamt 8.109,59 Iwwerstonnen geleescht. Dëser Gesamtzuel vun Iwwerstonne stoung en Total vu 4.750 Enseignantë géintiwwer, sou datt en Enseignant am Duerchschnëtt 1,7 Iwwerstonne gehalen huet. Konkret waren et 2.722 Enseignanten, déi Iwwerstonne gehalen hunn.

Ech wëll och ënnersträichen, datt d'Regierung grouss Ustrengungen am Beräich vun der Educatioun mécht: sou weist sech, datt d'Zuel vun den Enseignanten am Enseignement secondaire public all Joer an d'Luucht geet an esouguer verhältnisméisseg méi séier wiisst wéi d'Zuel vun de Schüler.

| | 2015/16 | 2016/17 | 2017/18 | 2018/19 |
|---|---|---|---|---|
| Zuel vun de Schüler | 39.101 | 39.375 | 39.525 | 40.455 |
| Zuel vun den Enseignanten | 4.386 | 4.442 | 4.578 | 4.750 |
| Schüler pro Enseignant | 8,91 | 8,86 | 8,63 | 8,52 |

Trotzdeem ass net ze leegnen, datt an enger Rei vu Spezialitéiten d'Zuel vun den Iwwerstonnen héich ass; dëst ass de Fall an der Mathematik, an der Informatik, an den Naturwëssenschaften, awer och an den technesche Fächer, déi vun Ingenieuren oder Maîtres d'enseignement technique gehale ginn. Dëst erkläert sech duerch d'Schwieregkeeten, déi mir an deene Spezialitéite mam Recrutement vun den Enseignanten hunn. Hei mussen an den nächste Jore verstäerkt Moossnamen ergraff ginn, fir dës Schwieregkeeten ze behiewen.

Wat d'Bezuele vun den Iwwerstonnen am Secondaire ubelaangt, sou verweisen ech déi honorabel Deputéiert op den Artikel 4 vun der *Loi du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire* an op den Artikel 13 vum *Règlement grand-ducal du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques*. De Regierungsprogramm gesäit net vir, d'Bezuele vun den Iwwerstonnen ze reforméieren.